

# Chaos Computer Club : 'The Empire strikes back'

11.04.2012, 05:01 | Fir d'lescht aktualiséiert: 11.04.2012, 07:14

'Datensecherheet wëll geléiert sinn', schreift de Chaos Computer Club Lëtzebuerg, an der Medico-Datepann-Affär, an kritiséiert d' Justiz an d' Politik.



© c3l.lu

An der Affär , Sécherheets-Pann beim Medico gëtt jo elo offiziell géint zwou Persounen enquetéiert... De Chaos Computer Club Lëtzebuerg, eng ASBL déi sech der Transparenz an der Fräiheet vun der PC-Welt verschriwwen huet, kritiséiert d' Virgoen vun der Justiz an der Politik an deem Dossier elo nawell zollitt an engem Communiqué...

## Linken

[Link : De Communiqué vum Chaos Computer Club :](#)

'Don't shoot the messenger' heescht et dobäi, well een sech fret, firwat elo op déi Leit geschoss gëtt, déi d' Passwuert vun enger Doktesch ofgeschriwwen haten, an déi elo sollen ugeklot ginn, allerdéngs vun Säiten vun der Politik bis ewell keen no-novollzéibaren Plang opgestallt gouf, wéi d' Datensecherheet op nationalem Plang kohärent an nohalteg garantéiert soll ginn...

Iwwerhaupt fret een sech, wéi sécher vertraulech Daten vun de Bierger iwwerhaupt gesécher sinn, wann een lappescht Passwuert duergeet, fir direkten Zougrëff drop ze kréien...

Et fillt een sech e bëssen wéi am George Lucas sengem 'Star Wars - The Empire strikes back'. Nëmmen dass de Minister Biltgen d' Roll vum 'Imperator' iwwerholl hätt, an die 2 verdächtig hei als ' d' Rebellen' duergestallt ginn, déi Problemer an Fehler giffen opdecken, dowéinsder awer bestrooft ginn...